Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la Fnel) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

# WANDROUS

**N° 357 Chrëschtmount 2015 / Haartmount / Spierkel 2016**
**Dezember / Januar / Februar**



**Kënnt 5 mol pro Joër** reaus
Abonnement **25,00 Euro**
CCPL: **Lu82 1111 0498 5493 0000**
Chefredakter: Patrick Jénin (Fennec)
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: **LBB**
E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu
Tel: **49 50 51**

**Lies d 'Wandrous da bas du ëmmer up to date!!!**

# Wandrous Publicitéit Wandrous Publicitéit


## Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!
Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES!**

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!




**www.viking-adventures.de**

# Les amis des Lions Bleus Les amis des Lions Bleus



Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?
Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?
Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.
Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.
Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den "AMIS DES LIONS BLEUS"

# ? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem "ordre permanent"*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun "Les amis des Lions Bleus" + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéiën mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréiën, esou kënnen mir mat an op en "revenue" zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.
Natierlech fréën mir ons iwwert en émolegen oder regelméissegen Don!
** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.
Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!
Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!
***Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!***

# Kreschtcamp Beaver Souche Beaver

# Harry Potter

Chrëschtdag steet virun der Dier, mee net nëmme mir stierflech Leit feieren dee verzauberten Dag: Och den Harry Potter an seng Zauberer Kollege
freeën sech dat magescht Fest zesummen ze verbréngen. Mee de Problem ass, dass déi meescht vu senge Kollegen iwwer d'Vakanz Heem fueren. Dowéinst brauche mir dech fir dass du puer flott Deeg mat him zu Hogwards verbréngs!




*Rendez-vous* den 20.12 um 13:30h zu Hollerech op der Gare

*Retour*: den 22.12 um 14:00h beim Home Saint Jean zu Diddeleng (Rue du Mont Saint Jean, "am Siedchen")

*Praiss:* 35 Euro bis den 10.12 ze iwwerweisen op de Compte LU87 1111 2571 8942 0000 mat der Mentioun Harry Potter 2015

*Souche*: ass bis de 12.12 bei denge Cheffen ofzeginn

*Wat brauchs du:* Schlofsak, Täscheluucht, Bidon, dem Wierder ugepasste Kleeder, Biergschong, Zännbiischt, Gamelle, Couverts, Ennerwesch, Pyjama, Kichendicher, Ersatzkleeder, Jumbo-Kaart oder en Kuerzstreckenbillet



Heimat erlaaben ech .................................... mengem Beaver ............................ vum 20.-22. Dezember 2015 um Kreschtcamp deelzehuelen

Ënnerschréft:.................................................

# SOUCHE KrëschtCamp fir d'Wëllefcher(LX)

## Opgepasst, opgepasst...

Hei schwätzt den Kapitän vum Traumschëff Enterprise. Duerch een technëschen Problem goufen mir alleguer 500.000 Lichtjoër vun der Erd fort geschoss. Elo sinn mir hei gestrandet an enger aanerer Galaxie wou alles aaneschtes ass wèi bei eis.
Elo brauch ech är Hëllef fir dass mir erëm Alleguerten zerèck Heem kënnen kommen!
Du muss beweisen op an dir och en richtegen Kapitän stëcht an op's du all Aufgab dèi op dëch duer kënnt meeschteren kanns, fir erëm Heem ze kommen!
Komm mat op en Abenteuer daat's du esou nach nie erliewt hues, an enger friemer Welt. Zesummen mat den Fiiss an den Diables Rouges wärt dir Gefohren meeschteren mussen, nei Welten entdecken an déi béis Zorgons besiegen mussen.



Wéini: **19. - 22.12.2015**


Rendez-Vous: Samstes, den 19.12.2015 um 14:00 beim Home St.Luc zu Bettembourg

Retour: Samstes, den 22.12.2015 um 14:00 beim Home St.Luc zu Bettembourg

Präiss: **45€**, bis den 14.11.2015 op de Compte Les Lions Bleus Asbl - Meute CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000 ze iwwerweisen mat der Mentioun: Krëschtcamp 2015 + Numm vum Kand


Souche: ass ebenfalls oofzeginn bis spéitstens den 14.11.2015 !!!

Waat brauchs du: Dèck Schong, dem Wieder ugepasste Kleeder, däin Foulard, 5 Saachen vum Wëllefchen, Bidon, Pyjama, Wäschsaachen, Schwammsaachen...





Heimat erlaaben ech ........................... méngem



Kand.......................... vum 19.-22.12.2015 um Krëschtcamp vun den Wëllef vun den Lions Bleus deelzehuelen.

Ënnerschrëft.......................

# SOUCHE KrëschtCamp fir d'Scouten(SG)

Hues du den kaalen Wanter saat an rem Loscht zereck an d'Vakanz ze goen? Rem zereck an deen sonnegen Süden? Portugal? Spuenien? Oder och daat schéint Italien? Ma dann hunn mier genau daat Richtegt fier dech, an zwar därfs du dech elo unmëllen fier en flotten Camp am Thema Süden wou den Summerfeeling remkënnt.

**Départ:** Samstes, den 19.Dezember 2015, um 8.45 op der Gare de Luxembourg

**Retour:** Meindes, den 21.Dezember 2015, um **16.00 um Glacis**

**Praïs:** 45€ sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den 07.Dezember op de Compte : Les Lions Bleus-Troupe (CCPL IBAN LU10 1111 7017 3032 0000) mat der Mentioun "KC+Numm vum Scout."

.

**Material:** PIC-NIC, Schloofsaack, Gamelle, 2 Kichendicher, Biergschong, Wäschsaachen, Pijama, dem Wieder ugepasste Kleeder, Täschenmesser, Täschenluucht, Jumbokaart/2 Roud Ticket'en & **Schwammsaachen**.

**Souche:** D'Souche ass bis den **04.Dezember 2015** oofzeginn bei engem vun dengen Cheffen.

---

Heimat erlaaben ech ______________________ mengem Scout dem

__________________________ um Chrëschtcamp vum 19.-21. Dezember 2015 matzegoen

Ënnerschrëft ________________________

# SOUCHE KrëschtCamp fir Explorer(EX)

## Krëschtcamp am Thema ‚back to the traditions‘



**Salut Explorer, wanns du Loscht hues e flotten Camp ze erliewen, wèi mir daat frèier gemaach hun, an du keng Angscht virun neien Aventuren hues, dann mell dëch un a komm mat op eisen Krëschtcamp wou mir zesummen e richtegen Explorercamp zesummen wärten hun. Wèi z.B. dobaussen schloofen, kachen, iwerliewen, a.s.w.**





**Material: alles waats de fir e Camp brauchs**
**Wichteg sinn: dècken Schloofsaack, Carrymatt, Gamelle, Becher an Kichendicher. Natirlech och ugepassten Kleeder...**

**Wéini**: vum **19ten Dezember 15** bis den **22ten Dezember 15**
**Wou**: zu **Lëtzebuerg**

**Preis**: **50 Euro** ze iwwerweisen bis den **4ten Dezember** op folgenden Compte
**CCPL IBAN LU49 1111 2324 7361 0000**
**(Les Lions Bleus a.s.b.l. - Explorer)**
**Mentioun**: **Ex Krëschtcamp 2015 + Numm vum Explorer**
**Iwwerweisung + Souche zielen als définitiv Umeldung !!!**

**RV**: Den **19ten Dezember** um **9 Auer op der Gare Lëtzebuerg**
**FIN**: Den **22ten Dezember** um **18 Auer op der Gare Lëtzebuerg**

»............................................................«

Heimat mellen ech ____________________

main Explorer ____________________ un, fir um Krëschcamp vum 19ten bis den 22ten Dezember 2015 deelzehuelen.

Datum an Ënnerschrëft:____________________

fnel scouts & guides

EXPLORER FNEL

# Beaver-Sortie

Beaver



## Weihnachtsbäckerei

In der Weihnachtsbäckerei, gibt es manche Leckerei... Wann s du dat heiten matgesummt hues, wéi s du et gelies hues, kennt hei en Event, de s du op kee Fall verpassen dierfs: Dem Kleeschen seng Kichen ass nämlech um Schaffen no de Feierdeeg, well och lo wëllen déi vill Leit nach seng lecker Kichelcher iessen. Mee well de Kleeschen seng Commanden net ganz alleng gebaakt kritt, brauch hien deng Hëllef, fir dass et him och geléngt.

| | |
|---|---|
| **Weini:** | Samstes, den 16.Januar 2016 um 10:00 beim Home vun den Lions Bleus. |
| **Retour:** | Samstes, den 16.Januar 2016 um 16:15 virun der Entrée vum Altersheim zu Hamm (2, Rue Englebert Neveu) |
| **Präiss:** | 2€ op den Rendez-vous matzebrengen |
| **Wat brauch een:** | Eng super gudd Laun<br>Dem Wierder ungepassten Kleeder ... |

**BEAVERKLACK**
Grigri, Tic-Tac, Jolie, Foxy, Spitzky, Elsa



Heimat erlaaben ech ..........................mengem Beaver........................
den 16.Januar 2016
un der "Weihnachtsbäckerei"
deel ze huelen

.................................................
Ënnerschrëft




# FNEL RO Programm: fir Rover



## Rover BA 2015 zesummen mat der Stëmm vun der Strooss

D'Rover hëllefen och dës Joër erëm,
dofir ginn vill fläisseg Hänn gebraucht.
Rendez-Vous ass den 17.Dezember um 11 Auer
am Centre Culturel zu Bouneweg
(2 rue des Ardennes L-1133 Luxembourg).
Umelldung bis den 10.Dezember op rover@fnel.lu.,
hei kritt dir dann och nach weider News.

## Rover Soirée Suisse




Réflexiounen, Spiller an Discussionen,
alles dréit sëch ëm Thema "ROVER"!
Waat fir eng Zukunft fir eis Roverbranche
Ganz informell bei Raclette à gogo
an Gedrénks fir 15€.
Samstes den 19.Dezember 2015
vun 19h-23h
am Home CDBM zu Merl.
(38A rue des Celtes Merl)

Umelldung bis den 10/12 op
rover@fnel.lu - ween kann, W.E.G. eng Raclettemaschine matbréngen (M.E.R.C.I.)

KOMMT MAT EIS JODELEN :-)
d'Roveréquipe




## Roverquiz 2016




Mamer Wiselen invitéieren op
de groussen Roverquiz.

Wann: 27. Februar 2016
Wou: am Home vun den Mamer Wiselen
Weider Informatiounen kommen no

# FNEL EX-Sportsdag: fir d'Explorer





**Léif Explorer, léif Exploretten,**
**Paakt är Sportstäsch!**
**An dann geet ët lass**
**zu Munneref bei den Mais**



Ët ass erëm esou wäit, den **Explorer Sportsdag** steet virun der Dier wou déi verschiddenen Unitéiten aus dem ganzen Land hiren Teamgeescht an hier Kämpfernatur de ganzen Daag kënnen ënner Beweis stellen an a verschiddenen Sportaarten kënnen moossen...



**Wéini ?**
Sonndes den 10.Januar 2016 vun 10h00 – 17h00

**Wou ?**
Centre sportif Roll Delles; avenue des Villes Jumelees, L-5612 Mondorf



**Präiss ?**
5 € ginn direkt op der Plaatz bezuelt
Iessen an Drénken ass am Präis dran. **Net bezuelt = keen Iessen !!**

Munnerëfer Mais suergen sëch ëm Mëttegiessen



**Umeldungen:**
Mellt ärt Team (min. 5 & max. 8 Explorer) bis den 25/12/15 iwwert explorer@fnel.lu un, an iwwerleet Ierch och e flotten Numm fir ärt Team.

**Waat muss dë matbréngen ?**
Sportstenue, Turnschong, **Team T-Shirt** & Duschsaachen



**Wéi eng Sportaarten si vertrueden ?**
Een Deel vun den Sportaarten steet well fest, mee dir kënnt eis awer gär är LieblingSportaarten eranschècken. Aus allen Proposen wielen mir är Favoriten eraus, déi do gespillt ginn. Schéckt einfach äer Top 3 un explorer@fnel.lu!

---

**SOUCHE**



Heimat mellen ech ........................................................ mäin Explorer / Explorette ........................................................ fir den Explorer-Sportsdag den 10.01.2016 gär un, deen vun der FNEL organisèiert gët. An ginn Souche bis den 19.12.2015 oof!

Ënnerschrëft vum Responsablen: ...................................

# Scout on the Wall

Ass et net dat schéinsten Gefill wann s de vun uewen op déi aner Leit kanns kucken, an si ausgesinn wei wann se sou grouss wei een Sandkär wieren? Wann s de uewen ukomm bass an du weess dass du dat ganz alleng mat denger eegener Kraaft gepackt hues ouni aner Hëllef? Wann s du dëst erliewen wëlls an esou eppes net verpassen wëlls, dann mell dech ganz schnell un fir dees Sortie.





Wéini: den 23. Januar 2016

Rdv: 09:30h op der Gare de Luxembourg
Retour: 17:00h op der selweschter Platz

Präis: 15 Euros

Wat brauchs du?
Uniform + dem Wieder ugepassten Kleeder, Sportssaachen, Klammsaachen (wanns du der hues), Jumbo/Daagesticket an ganz vill Motivatioun.



Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche

Heimat mellen ech main Scout/Explorer den/d'..................................fir d'Sortie den 23. Januar 2016 un.



Eltren: ......................................

Lenks patt

Tamia & Soa & Sam & Tameng & Eric & Tahr

# Souche Explo 2016 — Souche Troupe

**Wat ass besser wéi Fuesent? Wat ass besser wéi Scouten?**

## Genau!

**Fuesend an de Scouten!**



**Wanterexplo2016**

Et ass déi mega **Scoutsparty**! And u bass mat dobäi! Also komm mat, huel deng **Verkleedung** aus dem Schaaf an weis eis wéi grouss däin **Fuesbok** an dir ass!



**Wéini?** 30.-31. Januar 2016
**Wou?** Am Oste vum Land
**Mell dech séier bei dengen Cheffen un!**

De **Start** ass den 30. Januar 2016, zwëschen 8 an 9 Auer.
De **Retour** ass den 31. Januar 2016 géint 17 Auer.
(Déi genau Auerzäit kriss du méi spéit wann den aktualiséierten Horaire vum CFL eraus ass)

Wann är **Patrull** gewëllt ass fir e flotte **Sketch** vun 3 Minutten op der Explo's Fues Soirée ze maachen, da sot ärem Chef Bescheed, dass hien iech umelle kann!

**Material? Alles an engem Rucksak (Trajet) verstauen**

**Pro Scout:**
Pic-Nic vir Samschdes Mëttes, Tip-Top Uniform um Rendez-Vous unhunn, deck Schong, Täscheluucht, Bidon mat Waasser, Schlofsak, Carrymat, Gamelle + Becher, Ënnerwäsch, Wäschsaachen, Warnwest, Pijama, dem Wierder ugepasste Kleeder an eng Fuesverkleedung (d'Patrull resp. de Grupp soll am selweschten Thema verkleed sinn)

**Pro Patrull:**
Kompass, Réimer, Bic/Blaisteft, topographesch Kaart (R6 & R8), Waasserdicht Housse an eng 1.Hëlleftrousse.

**Umeldung?** Bis den **8. Januar 2016** bei denge Cheffen.

**Präis? 20 Euro** sin ze iwwerweisen bis den **8. Januar 2016** op den Kont **LU10 1111 7017 3032 0000** vun „Les Lions bleus ASBL – Troupe" mat der Mention „Explo+NummVumScout".

**Presented by:**
**D'Scoutséquipe**

**Ech ............................................ erlaaben mengem**

**Scout/Guide ................................... um Explo2016 (30-31/1/2016) deelzehuelen an iwwerweisen d'Suen am Delai.**

**(Régime Alimentaire: ..........................................................................................)**

**Ennerschreft: ...............................**

# Assemblee generale fir jiddereen




Mir lueden all ons Memberen (Scouten/Guiden, Explorer, Rover, Amicale*), Elteren (Mammen&Pappen), Frënn, Bekannten souwéi les "Amis des Lions Bleus" härzlech an.

**vun der a.s.b.l. Les Lions Bleus Bonnevoie**
**déi Freidesowes, den 29.Januar 2016**
am Home vun den Lions Bleus,
op 61 rue de Pulvermühl,
oofgehaalen gët.

## Ufank ass pénktlech um 19:30 Auer

Wéi all Joër fréën mir ons iwwert Är Präsenz an wärten ons och all Méi ginn, dës AG sou interessant ewéi méiglech ze gestalten.

**Programm**
01) Begréissung an Usproch vum Här Président
02) Rapport vun der leschter Generalversammlung vun der Madame Secrétaire
03) Rapport vum Här Caissier
04) Viirstellung vum Budget 2016-2017
05) Rapport vun deenen Dammen an Hären Caissen-Revisoren
06) Bestëmmung vun den Caissen-Revisoren fir d'Joër 2016-2017
07) Rapport vun den Aktivitéiten vum Scoutsjoër 2015
08) Erneierung vum Conseil d'Administration
09) Verschiddenes an Gemëschtes
**10) Cloture HaPy2015**

**No der Assemblée Générale**
huët den Conseil d'Administration entscheed den owend aaneschters auskléngen ze loossen wéi soss, an invitéiert Iech soumat op:

**<u>Soirée HaPy,</u>**
als Oofschloss vum groussen Summercamp an den Pyrenäen2015,
mat engem franséisch-spuenëschen Snack & Pättchen,
ënnerstëtzt vun engem audiovisuellen Réckbléck.

# Fuescamp Wëllef

Souche Wëllef



Zu Mallorca ennert der Sonn leien, mat engem Schëffchen duerch Venedeg steieren- an Dubai dat hëchste Gebai fun der Welt bestaunen, zu Las Vegas an de Casino goen- an Afrika op Safari goen, oder an Ägypthen d'Pyramide bestaunen, op deser Welt gett et esou filles ze entdecken!
Wannsdu wëlls matkommen op en kleng Weltrees metten zu Lëtzebuerg, da mell dech séier un fier de Fuescamp 2016!






**Wéini**: 6.-8. Februar 2016

**Rendez-Vous**: Samstes, den 6.02.2016 um 14:00 Auer
An tip-toper Uniform op der Gare Centrale de Luxembourg.

**Retour**: Meindes, den 8.02.2016 um 15:00 Auer um
Parking vum Centre Hospitalier de Luxembourg zu Stroossen.

**Präiss**: 40 Euro, bis den 30.01.2016 op de Compte Les Lions Bleus Asbl Meute CCPL LU64 1111 2581 2205 0000 ze iwerweisen mat der Mentioun: Fuescamp 2016 + Numm vum Kand

**Souche**: Ass ebenfalls oofzeginn bis spéitsdens den 30.01.2016!!!

**Waat brauchs du:** Déck Schong, dem Wieder ugepasste Kleeder (denk un eng déck Jacket an demnowei Schaal a Mutz), Schlofsaak an CARRYMATT, Gamelle an Kichenduch, dem Wëllefche seng 5 Saachen, Bidon, Pyjama, Wäschsaachen, Täschelucht...



Heimat erlaaben ech ..................................................
méngem Wëllefchen ........................................................
vum 06.-08.02.2016 um Fuescamp vun de Wëllef vun de Lions Bleus Deelzehuelen.

Ennerschreft:..........................................

# Summercamp 2016 Batavia2016

Am Summer ass et erem esou wait. Genaaaau d'Lions Bleus gin op de Summercamp. Komm mat an erliew mat den Mamer Wiselen an den Dippescher dachsen zesummen eng onvergiesslech Zait...




Eis rees geet wait zereck an der Zait. An zwar gin mir als Siedler
Zesummen
op Entdeckungsfahrt. Mir sichen no neien Lännereien an versichen do
eis
eegen **STAAT** opzebauen: BATAVIA.

## Mee dovir brauche mir dech!

### Weini ?

De Camp dauert vum **23.Juli bis den 6.August 2016**. Dei genau Auerzait kriss du nach matgedeelt.

### Wou ?

An Holland 80 km vun Amsterdam ewech. D'Campplaatz heecht Ada's Hoeve am Duerf Ommen.

### Prais ?

De Camp wärt teschent 400 an 500 Euro kaschten. De geneë Prais gidd dir an der nächster Wandrous gewuer.
Den **1. Acompte** (non remboursable) vun **100 Euro** ass ze iwwerweisen **bis den 20. Januar 2016** op de Compte Les Lions Bleus Rover (LU22 1111 7017 2426 0000).

### Souche ?

Zesumme mat dëser Iwwerweisung an der Souche bass du offiziell vir de Summercamp 2016 ugemellt. Dës ass oofzeginn bis den 15. Januar 2016 bei dengen Cheffen.

### Wee kann matgoen ?

Jiddereen kann matgoen deen an den Branchen **Scouten, Explorer oder Rover** ass...

### Baackweekend ?

Vir de Praiss vir eise Groupe eroofzedrecken, organiseieren mir eventuell am Februar 2016 erem eisen traditionellen **Baackweekend**. Hei baacke mir an verkaafen eis Kichelcher vir ze probeieren probeieren esou vill zei meiglech Reductioun op den Campfrais'en erauszeschloen!

---

Heimatt erlaaben ech.....................................................

mengem **Scout/Guide/Explorer/Rover** ...........................................

um **Summercamp** Batavia 2016 (23/7-6/8/2016) mat

den Mamer Wiselen an den Dippecher Dachsen deel ze huelen.

Ennerschreft: .............................................................

# Programm Beaver





## Dezember

| | | |
|---|---|---|
| 04. | Kleeschen | |
| 05. | keng Versammlung(RoverWeekend) | |
| 12. | Beaverversammlung | 14.00 - 16.00 |
| 20.-22. | Krëschtcamp | |
| 26. | keng Versammlung | |

## Januar

| | | |
|---|---|---|
| 09. | BeaverVersammlung | 14.00-16.00 |
| 16. | SORTIE | |
| 23. | BeaverVersammlung | 14.00-16.00 |
| 30. | BeaverVersammlung | 14.00-16.00 |

## Februar

| | | |
|---|---|---|
| 06.+13. | keng Versammlung(Fuesvakanz) | |
| 20. | BeaverVersammlung | 14.00-16.00 |
| 27. | BeaverVersammlung | 14.00-16.00 |

## März

| | | |
|---|---|---|
| 05. | BeaverVersammlung | 14.00-16.00 |
| 12. | SORTIE | |
| 19. | BeaverVersammlung | 14.00-16.00 |
| 26. | keng Versammlung (Ouschtervakanz) | |
| 28.-30. | OUSCHTERCAMP | |




## Beaverklack

Tic-Tac,GriGri,Foxy,Elsa,Joly,Spitzky

## DEZEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 04. | KLEESCHEN | |
| 05. | keng Versammlung | |
| 12. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 19.-22. | KRËSCHTCAMP (Formation Bagheera) | |



## JANUAR

| | | |
|---|---|---|
| 09. | Versammlung (Formation Raschka) | 14:00-16:00 |
| 16. | LX SchlittschongSortie | |
| 23. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 30. | Versammlung | 14:00-16:00 |

## FEBRUAR

| | | |
|---|---|---|
| 06.-08. | FUESCAMP (Formation Kaa) | |
| 13. | keng Versammlung | |
| 20. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 27. | Versammlung | 14:00-16:00 |

## MÄRZ

| | | |
|---|---|---|
| 05. | SORTIE | |
| 12. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 19. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 26. | keng Versammlung | |



**Lènks Patt**

Fennec, Bagheera, Kaa, Sarah

# Programm Scouten

SG - Programm



**DEZEMBER**

| | | |
|---|---|---|
| 04. | Kleeschen | |
| 05. | Keng Versammlung | |
| 12. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 19.-21. | Truppencamp | |

**JANUAR**

| | | |
|---|---|---|
| 09. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 16. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 23. | Truppensortie | |
| 30.-31. | FNEL Explo | |

**FEBRUAR**

| | | |
|---|---|---|
| 06.+13. | keng Versammlung(Fuesvakanz) | |
| 05.-14. | TECHUANA | |
| 20. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 27. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

**MÄRZ**

| | | |
|---|---|---|
| 05. | TRUPPEN-SORTIE | |
| 12. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 19. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 26. | keng Versammlung(Ouschtervakanz) | |

**Lenks Patt**

Soa & Sam & Tamia

# Programm Explorer EX-Programm

**Dezember**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 04.12.15 | Kleeschen | 18-21 Auer | am Home LBB |
| 12.12.15 | Uniteitsversammlung | 14-16 Auer | am Home LBB |
| 19.-22.12.15 | Krëschtcamp | Souche | |

**Januar**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 10.01.16 | FNEL ExplorerSportsDaag | | |
| 16.01.16 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home LBB |
| 23.01.16 | Uniteitsversammlung | 14-16 Auer | am Home LBB |
| 30.01.16 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home LBB |

**Februar**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 06.+13.03.16 | keng Versammlung(Fuesvakanz) | | |
| 05.-14.02.16 | TECHUANA | | |
| 20.03.16 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home LBB |
| 27.03.16 | Uniteitsversammlung | 14-16 Auer | am Home LBB |

**März**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 05.03.16 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home LBB |
| 12.03.16 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home LBB |
| 19.03.16 | Uniteitsversammlung | 14-16 Auer | am Home LBB |
| 26.03.16 | keng Versammlung(Ouschtervakanz) | | |

**OUSCHTERCAMP** > 31.03.-03.04.2016




Fir d'Unitéit: Tameng/Grizzly/Laurent/2ric/1ric

# Programm Rover RO-Programm

| | | |
|---|---|---|
| **04.12.2015** | LBB Kleeschen | Home LBB (Souche) |
| **17.12.2015** | FNEL Rover B.A. | Détail > www.fnel.lu > Rover |
| **19.12.2015** | FNEL Soiree SUISSE | |
| **27.02.2016** | FNEL Rover-Quiz | bei den MW |
| **30.04.-01.05.16** | FNEL Rover Hunt'it | |

# Montee 2015



De Rendez-vous war um 14:00 bei eisem Home an jiddereen gouff och direkt an den Carree geruff. Eisen Grupencheff, den Atra huet puer Sachen erklärt an nodems den Fändel heich gezunn gouff huet d'Montee offiziel ugefaang.
Noom Schwanzklappert an engem Spill hun sech d'Beaver schon op hieren Trajet gemach. D'Kanner hu missen duech Fotoen den Wee fannen bis op eis Zielplatz. Teschenduech gouff eng kleng Paus op enger Spillplatz gemach wou mer dann verschidden Spiller gemach hunn wei zum Beispill dass d'Beaver hu missen en Apel am Krees ronderem reechen awer ouni d'Hänn ze benotzen!
Um 16:00 sinn mer op eiser Zielplatz unkomm an dei war an der Schleiffsmillen. Nodems d'Kanner bessen ronderemlaafen konnten gouffen se zesummen geruff well et gouff Zeit dass verschidden Beaver endlech hier Foularden kreien an hier Verspriechen maan an domad offiziel zu den Lions Bleus geheieren! Eenzel gouffen sie bei den Fändel gebieden an no hierem Verspriechen waren sie stolz wei Oskar.
Fir dei grouss Beaver ass et dunn Zeit ginn endlech hier Montee an d'Wellefcher ze maan an dofir gouffen ze eenzel geruff an dunn hun se sech vun hieren Kolegen verabschied an focht waren se. Bei den Lions Bleus sinn am ganzen 5 Beaver erop an d'Wellef gaangen. Wei sech dunn all grousse Beaver verabschied huet sinn dei aaner nees zreck an den Home getreppelt an no enger Chaine des Adieux sinn d'Elteren hier Beaver sichen komm.



Beaverklack
Tic-Tac, Grigri, Spitzki









# RAPPORT Jota-Joti





**Samsdes, den 17. Oktober**

Also mir waren fir den Jota-Joti bei den Mamer Wisel. Mir stoungen Mëttes zu Mamer beim Lycée a goufen a Gruppen agedeelt. Duerno misste mir en Traget maachen. Deen war ganz ok. Wou mir ukomm sinn, war et ongeféier 18 Auer an dunn hunn mir eis bei d'Dëscher gesat an do goufen mir an Gruppen an d'Säll opgedeelt. Am 1. Sall gouf et Pizza z'iessen, am 2. Sall huet een iwwert eng extra Internetsäit mat deenen anere Kanner aus dem Ausland geschriwwen. Duerno gouf et nach en 3. Sall do konnt een funken an et waren ëmmer 2 Gruppen an engem Sall. Nom Iessen si mir an de Bësch gaangen an hunn do ee Spill gespillt. No dem Spill si mir rëm zeréck gaangen an hunn eis an d'Better geluecht.

**Sonndes, den 18. Oktober**

Mir goufen moies erwächt a missten eise Rucksack packen an dunn hu mir Frühsport gemaach. Nom Frühsport si mir mampfe gaangen, wou et Kellogs gouf. Duerno hunn mir missten eis Rucksäck huelen an en Traget bis op Mëttegplaatz trëppelen. Mëttes gouf et Mettwurscht, Thüringer a Vegetaresch. Nom Iessen hunn mir en Mini-Traget gemaach bis bei d'Spillschoul zu Mamer. An do missten eis Eltren eis um 15.30 Auer sichen kommen.

Danie









# PHOTOCOLLAGE BV SchlittschongSortie























# RAPPORT Schaffdaag ganze Grupp

Eist schéint Home huet Hëllef gebrqucht. Ganz vill kleng Bobo'en waren ze flécken... An dowéinst huet sech och motivéiert equipe Samstes am Home zu Bouneweg getraff vir eist blot Home erem op Fordermann ze brengen. No engem ausgewogenen Frühstück ass et dunn och schon lassgaangen. Verschiddenes am Home war ze maachen esou wéi Kichen botzen, Luuten wiesselen, ustraichen, Fensteren botzen an nach villes méi. Allerdengs ass och dobaussen um Terrain ugerappt gin. Esou ass de grizzly zesummen mat enger motivéierter Equipe lassgaangen vir Holz ze maachen, Hecken ze schneiden an, waat dem Max gut gefall huet, e riisegt feier ze maachen vir de ganze Gréngschnëtt ze verbrennen. Esou ass d'Zait verflunn an Jiddereen huet geschafft ouni vill op d'Auer ze kucken. Nom Mëttegiessen (et gouff leckeren Leadership-Chilli) ass dunn natirlech weidergemaach gin. Allerdengs kruute mir Verstärkung vun der Troupe déi de ganzen Haff an alles waat de grizzly geschnidden haat gebotzt hunn. Bannen ass et weidergaangen mam Ustraichen nodeems mir endlech déi richteg Faarwen haaten an de Racoon, eis Kichebotzfraa huet eifreg d'Gaasen geschruppt. Um halwer ( Schlussendlech gouf et dun Kuch an Kaffi an mir hun de Punkt gemaach wou mir stinn. Duerno hu mir dunn nach alles oogeschloss waat opstoung. Als kréinenden Oofschloss dunn huet den haarde Käer sech nach eppes vum Chines komme gelooss an hun, nodeems alles gebotzt war, den daag nach gemittlech ausklengen gelooss...

**Atra**

# PHOTOCOLLAGE LX AquariumSortie









# PHOTOCOLLAGE


## LX AquariumSortie














# Dem LEO LEIF seng Sait

Leo Léiw

**HoHoHo dir Blo Léiwen!**
**Elo ass daat heiten Joër 2015 scho baal eriwwer! Allerdengs loossen ech ierch awer net ouni Spill an Spaass goen!Ech wenschen ierch vill Spaass beim amüseieren, schein kreschtdaag an e gudde Rutsch an daat neit Joër!**






## Vir ze laachen

Fritzchen geht zur Krippe, nimmt das Jesuskind aus dem Stroh und sagt zu ihm: "So und wenn ich dies Weihnachten keinen Gameboy kriege,dann siehst Du Deine Eltern nie wieder!"

Sagt der Freund: "Meine Frau wünscht sich etwas zu Weihnachten, das ihr zu Gesicht steht!" Rät Helmut: "Kauf ihr einen Faltenrock !"

Fragt die eine Gans eine andere: "Glaubst du an ein Leben nach Weihnachten?"

Der Lehrer fragt die Schüler: "Wer kann mir die Weinsorte nennen, die am Fuße des Vesuv wächst?" Meldet sich Peter: "Das müsste der Glühwein sein!"




Vir ze baacken...



### Zimtsterne

| | | |
|---|---|---|
| 150 | g | Butter |
| 2 | Stk | Eigelb |
| 230 | g | Mehl |
| 1 | TL | Nelkenpulver |
| 1 | TL | Zimt |
| 1 | Pk | Zitronenschale |
| 100 | g | Zucker |

--Butter, Dotter und Zucker einige Minuten schaumig schlagen. Mehl, Nelkenpulver, Zimt und abgeriebener Zitronenschale unterrühren und zu einem Mürbteig verkneten.
--Den Teig auf einer bemehlten Arbeitsfläche dünn ausrollen und mit einer Sternform Kekse ausstechen.
-- Die Kekse auf ein mit Backpapier belegtes Backblech legen und im vorgeheizten Rohr bei 160 Grad 10 Minuten backen lassen.






# Shop Lions Bleus

LBB-Shop

Sëchert lerch elo den

# Starter-Pack_Lions Bleus

## De Präiss schléit an !!!

Alles waats du brauchs vir e gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! An daat ganzt an enger spezieller Offer elo nëmmen an dem LBB-Shop vum Vertrauen.



**LBB-Pullover** → Eenzelprais **25 €**



**LBB-T-Shirt** → Eenzelprais **12 €**



**LBB-100-Becher** → Eenzelprais **16 €**




**LBB-Kaap** → Eenzelprais **12 €**

**TOTAL** ~~**65 €**~~

ELO NEMMEN NACH VIR

**55 €**



## Aaner Produit'en am LBB-Shop:

| | |
|---|---|
| LBB-Mutz | 12 € |
| Foulard | 5 € |
| Knuet | 3 € |
| Vademecum (Wëllef) | 10 € |
| Scoutsbichelchen | 10 € |
| De Jaizert | 10 € |
| LBB-Badge | 4 € |

**an nach VILLES** vun 100 Joër LBB
(T-shirten/Débardeur/Badge...)

**> WÉINI ass den BUTTIK op ???** > vun 15:45-16:15 > **19/12/15**, 09/01/16, 20/02/16...

# Lions Bleus NEWS  Lions Bleus News




## FICHE MEDICALE, INVENTAIRE & ACCORD PARENTALE

Fir un den zukünftegen Aktivitéiten kënnen deel ze huelen, sinn déi 3 Dokmenter korrekt ausgefëllt oof ze ginn.
**Deadline wor hei Enn November.**
Wëlls du also aktiv um Programm matmaan; dann gëff schnellstens alles oof bei déngem Chef, aaneschters muss du leider doheem bleiwen.

!!! OPRUFF !!!
Denk drun Photoen eranzeginn (egal op aal oder nei) fir dat mer e flotten LionsBleus-Photoarchive kënnen opbauen.
Schéckt dës ganz einfach op (foto@lionsbleus.lu)



## LBB SECOND HAND

Hei kann jiddereen versichen sèng aal/nei Saachen un den Mann/Fra ze brèngen. Den Link fann dir op www.lionsbleus.lu
**Zweck:**
All Scout egal op jonk/aal huet emmer nach brauchbar Material, waat en op desem Wee engem vermaachen/verkaafen kann. Dofir post ganz schnell ärt ganzt Geschier fir dat der een Abfinder fannt :)

# WOSM & fnel NEWS  WOSM&fnel News

fnel
scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Nouv.Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!!!

**ALLGEMENG Datumer:**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 01/12/2015 | Réunion Projet Kachbuch | 23-24/01/2016 | Bosses et bobos |
| 08/12/2015 | Workshop Reglem.&Subsiden | 30-31/01/2016 | SG Explo |
| 15/12/2015 | FC Jonker stärken | 18/02/2016 | Réunion semestrielle |
| 17/12/2015 | RO B.A. (Stëmm vun der Stroos) | 20-21/02/2016 | SG Formationsweekend |
| 19/12/2015 | RO Soirée Suisse | 27/02/2016 | RO Quiz bei den Mamer Wiselen |
| 23/12/2015 | Prost'it (Ennjorespatt) | 18-20/03/2016 | EX Raid+ |
| 10/01/2015 | EX Sportsdaag | 19-20/03/2016 | Tronc commun |
| 16-17/01/2016 | Tronc commun | 26-29/03/2016 | LeadershipFormationsCamp |

# et schéngt

et schéngt

01) wéi wann eis Rover per Fläschenpost angelueden goufen Enn November fir daat grousst Piratentreffen.
02) wéi wann eis Elterenversammlung Ufank des Scoutsjoër grousse succès haat an gudd besicht ginn ass.
03) dat ons BV-Cheffen nët richteg opgepasst haaten waat d'Verkleedung fir den Tronc spéc. ugaang ass.
04) wéi wann d'Eidechs an den Elch eng nei motorisèiert 4*4*4 Spillsaach doheem am Garage stoën hätten.
05) dat eis Lèit sou lues&lues ufänken ze verkalken an den Kleeschen anstatt Kadoen>Entkalker matbrèngt.
06) wéi wann eist allerbescht Foxi ab elo nees mèi oft ze gesinn ass zu Bouneweg am Lèiwenbau.
07) dat op der SG Cheffenformatioun e Respo vun den Mamer eng eidel Patrullenkëscht matbruecht huet.
08) dat eis jonk Cheffen all irgendwèi amgaang sinn mam Führerschain fir d'Stroossen onsëcher ze maan.
09) wéi wann FNEL iwwer Summervakanz gudd geschafft haat an eng Onmass un MiniZillen gebaack huet.
10) dat de Kleeschen och dës Joër nees de Wee an Polvermillendall fonnt huet an ët him gudd gefall huet.
11) wéi wann eis jonk Centser WëllefchersCheffin eng èierbar Touche bei engem Italiener gemeet huet.
12) wéi wann Cheffen den Kanner alt nees emol gudd Schongwierk & Kleedung recommandèiert hätten.
13) wéi wann d'Scouten um Jota-Joti rëm richteg aktiv mat aaneren Scouten per chat kommunizèiert hun.
14) dat Explorer (um JJ) fir deen hallef sou wäiten Trajet wèi Scouten, duebel soulaang gebraucht hätten.
15) wéi wann ët Elteren soll ginn dèi zeguer RV ëmleen,fir hier&aaner Kanner op Formation sichenzefueren.
16) dat de Comité eis een flotten OccasionsContainer organisèiert hätt fir hannert Home als Material-Stock.
17) wéi wann kurzfristeg aus eisem traditionellen SchaffWeekend spontan e SchaffDaag gemeet ginn wor.
18) wéi wann d'LionsBleus endlech emol hiert informatëscht Equipement op den neisten Stand bruecht hun.
19) dat den Bloë Lèiwen hier Assemblée générale Enn Januar gepimpt gouf an aaneschters wärt ooflaafen.
20) dat ët nët sou einfach ass ‚Et schèngten' ze schreiwen, geschweige Saachen/Anekdoten eranzemailen.

# et schéngt nët nëmmen

et schéngt nët nëmmen

01) dat sie incognito als Piraten ënnerwee woren op hèiger Sèi&dèiwem Djungel fir alles onsëcher ze maan.
02) dat den groussen Sall baal aus allen Nèit geplatzt ass an d'Loftwerter dofir nët mèi an der Norm woren.
03) wéi wann sie dofir do als Boma, Wolléf & Rotkäppchen verkleed opgetaucht sinn anstatt als Zwergen.
04) dat dës richteg getest gouf an schon huet missen drun gleewen>well daat Dèngen kann och kippen 9
05) dat den JuniorSGChef nom JotaJoti gemengt haat Jacket&P-Monnaie gèifen besser zu Mamer hänken.
06) wéi wann hat eis&sèng Family terribel vermësst huet an dofir der Schoul zu Kölle ‚Adieu' gesoot huet.
07) wéi wann hien daat matbruecht huet waat hien gesoot kruut, just eben keen Kichenmaterial dobai haat.
08) dat eisen MiniBeaverchef ët lo sou gudd gemeet huet an zeguer an der Fahrstonn ‚en Panne' gefall ass.
09) dat all Grupp dës kruut fir ze verkaafen, fir den gudden Zweck>eis Projet'en am Nepal ze ënnerstëtzen.
10) wéi wann hien gudd Relatiounen beim Ouschterhues huet an him soot, hien misst och 1x bei LBB goën.
11) dat dësen esou beandrockt vun him wor, dat hien him glaat hannen op den Auto drop gefuer ass 9
12) dat dës op der Montée nämlech vergiess goufen an deen een oder aaneren rutscheg ënnerwee wor.
13) dat awer besonneg vill nei Kontakter ënnert deenen 3 Gruppen vum Weekend geknepptt ginn sinn.
14) wèi wann sie een Ëmwee gemeet hun an dun opgehaalen goufen an der Shopping-Mall ‚Belle Etoile'...
15) dat eis GruppenEil esou gudd geplangt haat,fir am EndEffekt een Daag ze frèi um EX-Brevet ze sinn :
16) wéi wann mer deen Ufank n.Joër geliwwert krèien an nach kucken mussen wèi en op den Terrain kënnt.
17) dat dofir hei ëmsou konstruktiv&produktiv geschafft ginn wier,an vill vun der Lëscht konnt gestrach ginn.
18) dat dëst elo alles mèi schnell&zouverlässeg ass, an een och nët 1 Minut/Säit beim Printer warden muss.
19) dat profitèiert gët nom off.Deel nach de Closing vum HaPy ze maan an jiddereen heifir ‚Wëllkomm ass'.
20) wèi wann daat eng/aanert aus de Fanger gesuckelt ass fir ‚the people' awer nët wëllen ze enttäuschen.

# les amis des Lions Bleus

amis LBB

MM Majerus Evelyne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MM Kyu Thull, MM Fay-Bisdorf, MM Kremer-Braun, M.Sinner Robert, Famille Beiler, MM Majerus Patrick, Anonyme, MM Schaack-Hirsch Albert, Famille Reiners, MM Federmeyer Berthe, M.Grün Joé, MM Heinen G. + Sendel Denise, M.Rohmer Kevin, MM Jung Thomas, M.THIBO Charles, M.JENIN Patrick, MM DRENNAN Mcale...

# 3 Méintprogramm

3 Méintprogramm

| dezember'15 | | | januar'16 | | | februar'16 | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Dë | 1 | | Fr | 1 | | Me | 1 | |
| Më | 2 | Permanence | **Sa** | 2 | | Dë | 2 | |
| Do | 3 | | So | 3 | | Më | 3 | Permanence |
| Fr | 4 | **KLEESCHEN** | Me | 4 | | Do | 4 | |
| **Sa** | 5 | keng Versammlung | Dë | 5 | | Fr | 5 | **TECHUANA** |
| So | 6 | | Më | 6 | Permanence | **Sa** | 6 | **TECHUANA**<br>**LX FuesCamp** |
| Me | 7 | | Do | 7 | | So | 7 | **TECHUANA**<br>**LX FuesCamp** |
| Dë | 8 | | Fr | 8 | | Me | 8 | **TECHUANA**<br>**LX FuesCamp** |
| Më | 9 | Cogra<br>**EV Techuana** | **Sa** | 9 | Beaver / Wëllef / Troupe / Explorer | Dë | 9 | **TECHUANA** |
| Do | 10 | | So | 10 | **FNEL EX-Sportsdaag** | Më | 10 | **TECHUANA** |
| Fr | 11 | | Me | 11 | | Do | 11 | **TECHUANA** |
| **Sa** | 12 | Beaver / Wëllef / Patrull / Unitéit | Dë | 12 | | Fr | 12 | **TECHUANA** |
| So | 13 | | Më | 13 | Cogra | **Sa** | 13 | **TECHUANA** |
| Me | 14 | | Do | 14 | | So | 14 | **TECHUANA** |
| Dë | 15 | | Fr | 15 | | Me | 15 | |
| Më | 16 | Permanence | **Sa** | 16 | Wëllef / Patrull / Explorer<br>**BV Sortie** | Dë | 16 | |
| Do | 17 | Comité<br>**FNEL RO B.A.** | So | 17 | | Më | 17 | Cogra |
| Fr | 18 | | Me | 18 | | Do | 18 | **FNEL Réunion semestrielle** |
| **Sa** | 19 | **LX / SG / EX Krëschtcamp**<br>**FNEL RO SoiréeCH** | Dë | 19 | | Fr | 19 | |
| So | 20 | **BV / LX / SG / EX Krëschtcamp** | Më | 20 | Permanence | **Sa** | 20 | Beaver / Wëllef / Patrull / Explorer |
| Me | 21 | **BV / LX / SG / EX Krëschtcamp** | Do | 21 | Comité | So | 21 | |
| Dë | 22 | **BV / LX / EX Krëschtcamp** | Fr | 22 | Wandrouseinsendeschluss | Me | 22 | |
| Më | 23 | **FNEL Prost'it** | **Sa** | 23 | Beaver / Wëllef / Unitéit<br>**SG Sortie** | Dë | 23 | |
| Do | 24 | | So | 24 | | Më | 24 | Permanence |
| Fr | 25 | | Me | 25 | | Do | 25 | Comité |
| **Sa** | 26 | | Dë | 26 | | Fr | 26 | |
| So | 27 | | Më | 27 | Permanence | **Sa** | 27 | Beaver / Wëllef / Troupe / Unitéit<br>**FNEL RO Quiz (MW)** |
| Me | 28 | | Do | 28 | | So | 28 | |
| Dë | 29 | | Fr | 29 | **Assemblée générale LBB**<br>Wandrousredaktionsschluss | Me | 29 | |
| Më | 30 | | **Sa** | 30 | Beaver / Wëllef / Explorer<br>**FNEL SG-Explo** | | | |
| Do | 31 | | So | 31 | **FNEL SG-Explo** | | | |

# Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu

A waat kucks du?
Lies d'Wandrous!



* THAT'S ALL FOLKS